D'Geschicht vu Randschleid

vum Jean Ney

„Das Kirchlein im stillen Thale“ – Haut „monument historique par excellence“! Obwuel et schon am Vergläich zu aneren Dierfer wierklech nëmmen ee „Kirchlein“ ass, handelt et sëch dach hei fir lëtzebuerger Verhältnisser ëm eppes Eemoliges.

Wéi se am Joer 1437 gebaut ginn ass, huet se zumol wéinst hirer komplizéierter Bauweis och schon deemols e ganze Batz Geld kascht. Ubwuel d'Handwierksleit viru sou laanger Zäit kaum leesen a schreiwe konnten (déi obligatoresch Schoul ass hei am Land eréischt 1843 agefouert ginn) steet se nach haut. Wann e bedenkt dat se, fir dat komplizéiert Verwëllef anzeschalen, nit emol Tënnendill haten. Déi éischt Tënnebeem am Lëtzebuerger Land soll de Baron de Blochhausen an der Mëtt vum 19 Jh um Carelshaff geplanzt hunn. Also eng Verschalung aus Eechen- a Bichendill, och mat deene Mëttele vun haut bal onvirstellbar! Dat der deemols awer een oder e puer derbäi waren, déi leesen oder schreiwe konnten, läit op der Hand.

War Randschleid fréier méi grouss?

An engem Feuerstellenverzeichnis (Volkszählung vun 1791) zielt Randschleid 28 Awunner. Dat wëllt nit alles soen. Wann ee sëch d'Familje vun deemols ukuckt: 3 Generatiounen an engem Haus. Ënner Ëmstänn 10 oder 12 Kanner a Papp, Mamm, Bopa, Bomi, Tatta a Monni, Kniecht a Mod. Do ass ee séier op 20 Leit. A wann dann de Koschter, deen deemols nach am

Frühmesserhaus gewunnt huet, och nach ähnlech Familjeverhältnisser hat, dann ass ee séier iwwer déi Zomm eraus.

Am selwichten Text leese mer: „Zu Rindschleiden sind 1791 das Pfarrhaus, das Frühmesserhaus, der Hoppeschhof und die Pfarrkirche. Der Name des ersten bekannten Besitzers Huberty auch „Haupert“ genannt.“ De Numm „An Hoppsch“ huet sech bis op den haitegen Dag als Hausnumm erhal. Dacks kéint d’Meenung op, zu Randschleid hätten a fréieren Zäite méi Leit gewunnt. Am Archiv vun der Par, wat bis 1450 reecht, ass keen Anhaltspunkt ze fannen.

De Staatsmusée hat viru Joere mat Metalldetektoren d’Wisen ausgesicht, mee ausser engem halwen Eemer Granatsplitter, Hausschlësselen, Limichter an Zänn vu Méimaschinnen ass näischt zum Virschäi komm, wat méi al ass wéi honnert Joer.



Randschleid 1950

Randschleid 1950

1. **An Hoppsch“ (Gesëschter Gricius) – Haut Musée Thillenvogtei & Ney Marco**



Vun de Gesëschter Gricius waren der en etlich uerchter d’Welt bestued, an déi 4, déi doheembliwwe sinn, sinn zäitleewes Jonggesell bliwwen. D’Catherine war scho 1960 relativ jonk gestuerwen. Séng 3 Bridder ware nit besonnesch kontaktfreedeg, fir nit ze soe mënscheschei. Et huet ee seelen een ze gesi kritt. Et waren de Leopold, de Jos an den Edouard. De Jos war suguer sou schei, dat et vun him emol keng Carte d’identité gëtt, obwuel d’Archiv vun de Passfotoen op der Gemeng bis 1945 zréckreecht.

Den Edi war am Krich zwangsrekrutéiert. Mee de Majery Jos vun Heeschpelt hat e verstoppt, an engem Bunker tëschent Kéiber an Heeschpelt. Wéi d‘Gestapo enges Dags onverhofft nom Edi siche koum, fir en ze verhaften, huet séng Schwëster Catherine se gesinn, ass hell ewech iwwer d’Strooss an d’Kierch gelaf, fir sëch am Beichtstull ze verstoppen. De Preis leeft hannendrun, mee wéi en an déi eidel Kierch komm ass, war et him nit geheier, an rëm séier eraus. Wéi dunn de Leopold, dee keng Ahnung hat, hinnen an d’Gräpp gelaf ass, hunn se dee matgeholl an d‘Ëmsiedelung. Et koum een Däitschen op den Haff, bis un d’Enn vum Krich. De Leopold gouf ëmgesiedelt op Boberstein a Schlesien (haut Bobrów) a Polen).

De Paschtouer Herber war e Schelm. Wéi den Télécran eng Kéier zu Randschleid opgetaucht ass, ass et him gelong, déi 3 mat enger fauler Ursaach op d’Dir ze lackelen – a schon war d’Bild gemeet. De Reporter huet sech e Spaass draus gemeet, e Reportage iwwer „Das Dorf der Junggesellen“ ze schreiwen, well am Härenhaus jo och nëmme Jonggeselle geleewt hunn.



An der Grenze zwischen Gutland und Ösling, einige hundert Meter rechtsab von der Straße, die von Heiderscheid nach Martelingen führt, liegt einer der kleinsten Orte Luxemburgs: Rindschleiden. Kurios ist, die Bevölkerung setzt sich aus lauter Junggesellen zusammen, Jörel fünf an der Zahl.

Text: Carel Scheltgen
Fotos: Lé Sibenaler



Leopold Cricius, Dorfältester in Rindschleiden

Rindschleiden

Das Dorf der Junggesellen

Im Informationsblatt des STATEC wird Rindschleiden als selbständige Ortschaft nicht aufgeführt, es gehört statistisch gesehen zu Grevels, denn die Richtlinien des Innenministeriums, das für Ortschaften und Gemeinden zuständig ist, besagen, daß eine Ortschaft erst ab fünf Häusern als solche zu bezeichnen ist. Und doch gibt es in Rindschleiden fast alles, was zu einem richtigen Dorf gehört: einen Ortskern, einen Bauernhof, ein Wohnhaus, eine – ehemalige – Schule, eine Kirche und natürlich Dorfbewohner.

Diese Dorfbewohner sind das Kurioseste an der kleinen Siedlung, denn sie sind allesamt ledig und bis auf einen – den Pfarrer – noch zu haben.

Rindschleiden (auf luxemburgisch: Randschelt) ist nie ein großer Ort gewesen, auch wenn es bis heute Hauptort einer Pfarrei geblieben ist. 1690 sollen dort 28 Menschen gelebt haben. Die Pfarrei, zu der damals außer Rindschleiden noch Brattert, Heispelt und Küborn gehörten, zählte 1791 genau 341 Seelen, das sind 63 mehr als heute, obwohl inzwischen Grevels hinzugekommen ist.

Wie Pfarrer J.P. Apel 1935 in „Ons Hémecht" zu berichten wußte, gab es 1791 in Rindschleiden ein Pfarrhaus, ein Frühmeßnerhaus, den Hoppeschhof und die Pfarrkirche. Die Situation gleicht also genau der heutigen, außer daß das Frühmeßnerhaus nicht mehr von einem Kaplan bewohnt wird und auch nicht mehr als Schule dient.

Der Name Rindschleiden wird heute hauptsächlich in Zusammenhang mit der Willibrordusprozession genannt, die jedes Jahr am Pfingstsonntag stattfindet. Früher dauerten die Festlichkeiten stets zwei Tage; am Pfingstsamstag kamen die Arsdorfer und Rambroucher Gläubigen nach Rindschleiden gepilgert, sonntags machten sich die Wahler und Buschrodter auf den Weg. Seit einigen Jahren findet die Prozession nur mehr an einem Tag statt, und unter den Teilnehmern gibt es mehr Auswärtige als Einwohner der umliegenden Dörfer. Rindschleiden scheint zum Geheim-

Leopold Gricius

Edouard Gricius



Jos Gricius

Catherine Gricius

Den Haff Gricius 1983

Déiselwecht Vue haut

Mee och Jonggeselle stierwen aus, mam Nodeel, dat se keng Nokommen hannerloossen. Sou koum et och hei. Wéi 2002 den Edi Gricius gestuerwen ass, hunn d'Ierwen d'Haus zum Verkaf ugebueden. No en etlichem Hin an Hir hat de Musée vu Wahl et kaaft. Haut fonktionéiert de Musée Thillenvogtei op dëser Plaz.

2. Frühmesserhaus

De Koschter huet mat sénger Famill am Frühmesserhaus gewunnt, wou fréier wahrscheinlech de Kaploun war. Dat Gebai derneewt kann een als éischt Gemeinschaftsschoul wäit a breed bezeechnen, well hei d'Kanner vu Gréiwels, Brattert, Randschleid a Kéiber iwwer Generatiounen ënnerriicht gi sinn.

Wéi zu Gréiwels déi nei Schoul fonktionéiert huet, ass se nit méi gebraucht ginn. Den Hobsch-Bauer huet se kaaft an huet e Schwäistall draus gemeet.

2013 huet d'Gemeng décidéiert, e „Lieu de rencontre" dran anzeriichten, wat een och als Café ka bezeechnen. Zanter 2015 schmäisst d'Romaine mat sénger Equipe de Bistro hei mat groussem Succès.

De Stall vum Frühmesserhaus 1950…

…an haut, als „Klenge Randschelter Bistro".

3. Kierch

D'Par Randschleid ass ural an hat schon ëmmer eng gewësse Bedeitung. Dësst hat virun allem mam Willibrordus-Pilgerdag ze dinn, deen iwwer Joerhonnerten op Päischtméindig afgehal gouf. Bis an d'70er Joeren vum 20 Jh. koume nit nëmme vu Bëschrued a Wahl, mee och vun Uerschdref a Rammerech honnerte Leit a feierliche Pressiounen erbäigepilgert. Haut kommen der knapp nach e puer Dosen, am léiwste mam Auto bis an d'Kierch eran. Just déi Bëschrieder hale nach un hirer Pressioun fest.

Fréier goung et och a Pressiounsform rëm heem. Fir Bomien a fir Kanner mat klenge Been eng Erausfuerderung – virun allem wann ee vun Uerschdrëf oder Bëschrued kéint.

No der Pressioun zu Randschleid 1968

De President vun der Musik, Jemp Assa, begréisst de Bëschof Leo Lommel

Dem Paschtouer Apel verdanke mer vill Informatiounen iwwer den Ursprong vun eisen Dierfer. Säi Wëssen huet hee regelméisseg an der historescher Zäitschrëft „Ons Heemecht“ veröffentlecht.

Wéi heen 1935 séng Texter geschriwwen huet, hat nach keen eng Ahnung, wat ënner dem Botz an der Kierch verstoppt wier.



«UN PEU DE TEMPS, ET VOUS NE ME VERREZ PLUS, ET ENCORE UN PEU DE TEMPS, ET VOUS ME VERREZ, CAR JE VAIS AU PÈRE»

SOUVENEZ-VOUS DANS VOS PRIÈRES DE L'AME DE

MONSIEUR L'ABBÉ JEAN-PIERRE APEL

ANCIEN CURÉ DE WELLENSTEIN, CONSDORF ET RINDSCHLEIDEN,
ANCIEN VICAIRE A RUMELANGE ET SCHIFFLANGE

ENDORMI DANS LA PAIX DU SEIGNEUR A ERNSTER, LE 18 AVRIL 1970, DANS LA 50e ANNÉE DE SON SACERDOCE, A L'AGE DE 74 ANS.

PRÊTRE SELON LE CŒUR DE JÉSUS, LE CHER DÉFUNT N'A CONNU QUE SON DEVOIR ENVERS L'ÉGLISE ET LES AMES.

CONSOLATRICE DES AFFLIGÉS INTERCÉDEZ POUR LUI.

ST-PAUL, LUXEMBOURG

Uewen: De Paschtouer Apel

Lénks: D'Kierch mat verbotzem Plafong, 1950

1952 sollt d'Kierch banne nei beworf ginn. Wéi de Paschtouer Herber komm ass sollt hie séngen Aë nit trauen, wéi en an de Schierbele vum Botz Iwwerreschter vu Molereie fonnt huet. D'Aarbichte sinn direkt agestallt ginn a „Sites et Monuments“ ass geruff ginn. Déi hunn dem Paschtouner séng Entdeckung ënnersicht a bestätegt, dat et sëch heibäi ëm eppes ganz Wertvolles handelt.

A „mühseliger Kleinarbeit“ goufen déi 27 Schichte Kallék, déi am Laf vun der Zäit dropgeschmiert gi waren, erafgeschappt. Wonnerschéin, a fir Lëtzebuerg eemolig Freske koumen zum Virschäin. Si si vum bekannte Moler Edmond Goergen opwendig restauréiert ginn. Bäi där Geleeënheet ass d'ganz Kierch ëmgekrempelt ginn. Ënner de Buedemplacke koume Mauerreschter zum Virschäin, déi drop hiweisen, dat eng Kierch aus dem 10e Joerhonnert op dëser Plaz stung.

Déi jonk Baufirma vu Peller Leo, déi deemols spezialiséiert war op d'Restauratioun vun ale Gebaier, huet déi Saach an Ugrëff geholl.
Haut ass et eng Touristenattraktioun, déi vill Leit unzitt.



Bei der Restauratioun vun der Kierch: Goergen Edmond, Becker Nic, Ihry Néckel, Peller Ern, Becker Jeng, Peller Emile.

D'Kierch ass deemols mat engem Holzuewe gehëtzt ginn .

De Bëschof Leo Lommel mam PaschtouerAloyse Herber.



Randschleid an den 30er Joeren.

Bei der Restauratioun vun der Kierch gouf och an engems de Willibrordusbur rëm a Stand gesat.

lénks: De Claude Feck vu Gréiwels hat sëch derfir agesat, dat suguer en Timber vun der Randschleider Kierch erauskomm ass

v.l.n.r.: Kohn Jeng (Wahl), Meis Robert (Bëschrued), Mores Franz (Wahl)



„Vu et approuvé“: Leo Lommel

4. **Härenhaus**

Mëtt de 50er Joeren war dat alt Härenhaus nit méi gutt genuch, an ass duerch e neit ersat ginn. Den Entrepreneur Antoine Marx vu Wahl huet et gebaut. Dësst Haus steet och haut nach do.

Randschleid mat deem alen Härenhaus 1935



Randschleid mat deem alen Härenhaus 1930

Vun deem klengen Duerf Randschleid ass schon ëmmer eng apart Atmosphär ausgaang. Loosse mer hoffen, dass dat klengsten Duerf aus dem Land nach laang als „das stille Tal“ erhale bleiwt, fir äis a fir déi Generatiounen, déi no äis kommen.

Text: Jean Ney, Layout: David Flammang, Fotoen: Archiv Thillenvogtei, Antoinette Ney-Schuler

Wie kennt se nach?